

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Januar 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel „zu wenig sozial, zu wenig grün“, deen den 22. Januar an der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek publizéiert gouf, heescht et, datt am Kader vun der Méiglechkeet, en zënslose Prêt bis 50.000 Euro fir d'energeetesche Sanéierung vum eegenen Haus/der eegener Wunneng unzefroen eng eenzeg Demande accordéiert gi wier. Bei der Optioun fir e verzënste Prêt vun 100.000, wou d'Zësen awer bis 1,5 Prozent vum Staat gedroe ginn, unzefroen, goufen insgesamt 26 Demanden accordéiert.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi vill Demande goufen an der jeeweileger Kategorie während de Joren 2016 bis 2021 gestallt? Kann den Här Minister elaboréieren, wat déi heefegst Ursaache ware, fir dës Demanden ofzeleeden?
- 2) Déi genannten Zomme bedeite besonnesch fir Leit, déi net vill verdéngen, och ouni Zësen e finanziellen Engagement, deen sech iwwer eng laang Zäit erstreckt. Goufen déi Leit, déi sou e Prêt ugefrot haten oder accordéiert kruten, beroden, vu wéi engem ongeféieren Zäitpunkt un dës Investitiounen fir si duerch agespuerten Energiekäschte rentabel géife ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten